N°2077
Entrée le 12.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.03.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un Madamm Ministesch fir d'Fuerschung an d'Héichschoul weiderzeleeden:

*„Laut engem Artikel vum 9. Mäerz 2025 hätt Frankräich seng Fuerschungsinstituter opgefuerdert ze préiwen, ob ee Fuerscher aus den USA kéint ophuelen, déi sech wéinst radikale Budgetskierzungen an den USA aktuell d'Fro no hirer Zukunft an den USA stellen. D'Universitéit Aix-Marseille hätt rezent schonn annoncéiert, ee Programm op d'Been ze stellen, fir Fuerscher aus den USA opzehuelen. Och an Däitschland géing een sech Hoffnung maachen, fir amerikanesch Fuerscher an d'Bundesrepublik ze lacken.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir d'Fuerschung an d'Héichschoul follgend Froe stellen:*

- *Envisagéiert d'Madamm Ministesch d'Opnam vun amerikanesche Fuerscher, déi sech eventuell d'Fro no hirer berufflecher Zukunft an den USA stellen?*
- *Sinn Gespréicher mat Fuerchungsinstituter oder der Universitéit zu Lëtzebuerg geplangt?*
- *Ginn et Fuerschungsgebitter, fir déi Lëtzebuerg eng Präferenz hätt, wat d'Ophuele vu qualifizéierte Fuerscher ugeet?"*

Mat déiwem Respekt,

Gérard SCHOCKMEL
Deputéierten

Barbara AGOSTINO
Deputéiert

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu